N°1749
Entrée le 09.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025 Chambre
des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An Däitschland gëtt d'Gewaltschutzgesetz verstäerkt an et gëtt e neit Gewalthëllefegesetz ausgeschafft. Zu Lëtzebuerg weisen d'Statistiken, dass et och bei eis Handlungsbedarf gëtt: eleng bei de K.o.-Drëpse goufen et zënter 2021 25 gemellte Fäll, woubäi d'Donkelziffer warscheinlech vill méi héich läit. D'Justizministesch huet an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1581 op verschidde Preventiounsmesuren higewisen, mee et stellt sech d'Fro, ob méi geziilt legislativ Mesurë gebraucht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung zu Lëtzebuerg e Besoin fir änlech legislativ Mesuren anzeféieren, wéi an Däitschland, zum Beispill eng elektronesch Foussfessel bei schwéiere Fäll vu Gewalt?
2. Wéi schätzt d'Regierung d'Effikassitéit vun de bestoende Mesuren an der Justiz an, fir Affer vu Gewalt ze schützen, a wou gesäit si nach Verbesserungspotential?
3. Wéi kéint d'Zesummenaarbecht tëscht de verschiddenen Acteuren (Police, Justiz, Hëllefsstrukturen) am Beräich vun der Gewaltbekämpfung nach verstäerkt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten